LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Réf: 2020/1213/BUI/MSI

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alff Christian , 11:09, 10/12/2020

Luxembourg, le 10 DEC. 2020

**Objet : Question parlementaire urgente n° 3262 du 8 décembre 2020 de Messieurs les Députés Laurent MOSAR et Serge WILMES**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op parlamentaresch Fro n° 3262 vum 8. Dezember 2020 vun den honorabelen Députéierten Laurent MOSAR an Serge WILMES iwwert « TNS Ilres Ëmfro »**

**Fro 1**

De viregte Minister fir bannenzeg Sécherheet huet am Fréijoer 2019 d'Inspection générale de la police (IGP) mat enger Etüd iwwer d'Effikassitéit vun der Video Iwwerwaachung vun der Police ("VISUPOL") beoptraagt. Dësen Dispositiv gëtt et aktuell nëmmen um Terrain vun der Stad Lëtzebuerg. Een Element vun dësem Optrag ass d'Analyse vum Impakt vun der Video Iwwerwaachung op dat objektiivt a subjektiivt d'Sécherheetsgefill vun den Awunner. D'IGP huet an deem Kontext dem Minister virgeschloen, eng Ëmfro ze maachen, dat zesummen mat engem lëtzebuergeschen Sondage Institut. Den Minister huet dës guttgeheescht an huet déi néideg budgetär Prozeduren an d'Weeër geleet fir d'Ëmfro an Optrag ze ginn.

D'Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg gouf den 17. November 2020 schrëftlech iwwert de Sondage informéiert.

**Fro 2**

Den 8. Dezember 2020 hunn all d'Stéit aus de Quartieren Gare, Lampertsbierg, Bouneweg-Nord/Verluerekascht an Bouneweg-Süd eng Invitatioun an hier Bréifboîte kritt. Mat den hei dran enthalenen Zougangsdonnéeë, hunn d'Leit d'Méiglechkeet bis den 18. Dezember bei der Ëmfro matzemaachen, dat op de 7 heefegsten Sproochen vun den Awunner vun der Stad Lëtzebuerg (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch, Portugisesch, Spuenesch an Italienesch). D'IGP wäert d'Resultater vum Sondage Mëtt Januar 2021 vum Sondage Institut geliwwert kréien fir se dann an der Etüd ze verschaffen.

**Fro 3**

D'Resultater vun dëser Ëmfro wäerten an d'Etüd iwwer d'Effikassitéit vun der Video Iwwerwaachung vun der Police mat afléissen.

**Fro 4**

Dës Ëmfro limitéiert sech, wéi uewen schonn mentionéiert, op all d'Stéit aus de Quartieren Gare, Lampertsbierg, Bouneweg-Nord/Verluerekascht an Bouneweg-Süd vun der Stad Lëtzebuerg. Et handelt sech dobäi ëm 16.057 Menagen.

Dës Quartieren sinn spezifesch ausgesicht ginn wëll am Garer Quartier eng ganz Rei Stroossen mat Iwwerwaachungskameraen equipéiert sinn. D'Quartieren Lampertsbierg, Bouneweg-Nord/Verluerekascht an Bouneweg-Süd hirersäits grenzen direkt un eng videoiwwerwaachten Sécherheetszone (Zone A, respektiv Zone C).

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

D'Etüd, sou wéi och d'Ëmfro, bezéien sech op den Dispositiv "VISUPOL", an dofir limitéiert d'Ëmfro sech op d'Stad Lëtzebuerg.

**Fro 5**

Als Beoptraagten vun der Etüd huet d'IGP de Froe Katalog an Zesummenaarbecht mam Sondage Institut ausgeschafft.

Fir dëse Sondage huet d 'IGP sech gréisstendeels op d'Etüd aus dem Joer 2011 "Gutachten Visupol im Auftrag des Ministers des Inneren und für die Großregion des Großherzogtums Luxembourg" baséiert. Och gouf sech fir d'Froen um "DEFUS-Monitor" inspiréiert, eng vum däitsch-europäeschen "Forum für Urbane Sicherheit" entwéckelt Method fir eng representativ Ëmfro am Beräich vum Sécherheetsgefill ze garantéieren.

D'IGP huet, an Zesummenaarbecht mam Sondage Institut, de Froe Katalog esou ausgeschafft, dass en den entspriechenden methodologeschen Standard'en Rechnung dréit.

**Fro 6**

Den Ministère fir bannenzeg Sécherheet huet dës Ëmfro finanzéiert. Et handelt sech ëm e Käschtepunkt vun 23.369 €, eng Depense di am Budget fir d'Joer 2020 virgesinn war.

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu